LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Énergie et de
l'Aménagement du territoire

Luxembourg, le 26/08/2019

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
Entrée le:
28 AOUT 2019

Service central de législation
Monsieur Marc Hansen
Ministre aux Relations avec le Parlement

Objet : Question parlementaire n°622

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous communiquer en annexe la réponse à la question parlementaire n°622 tout en vous priant de bien vouloir en assurer la transmission à Monsieur le Président de la Chambre des Députés.

Recevez, Monsieur le Ministre, l'expression de mes sentiments distingués.

Le Ministre de l'Energie,

Claude Turmes

Réponse commune de la Ministre de l'Environnement, du Climat et du Développement durable, du Ministre de l'Énergie, du Ministre de la Mobilité et des Travaux publics et du Ministre des Finances à la question parlementaire n°622 du 19 juin 2019 de l'honorable député Monsieur Marc Goergen

1) An de Joren 2013 bis 2018 huet de Verkaf vu Bensin (bläifräi) an Diesel zu Lëtzebuerg folgendermoossen evoluéiert:

Liter	2013	2014	2015	2016	2017	2018
Bensin	430 832 573	416 413 509	394 927 685	391 314 849	406 773 833	448 282 537
	Variatioun	*-3,35%*	*-5,16%*	*-0,91%*	*+3,95%*	*+10,20%*
Diesel	2 156 905 606	2 084 880 666	1 982 940 798	1 928 492 340	1 997 188 326	2 137 514 718
	Variatioun	*-3,34%*	*-4,89%*	*-2,75%*	*+3,56%*	*+7,03%*

No engem kontinuéierleche Réckgang vum Verkaf vun esouwuel Bensin wéi och Diesel tëscht 2012 an 2016 huet sech d'Tendenz an de leschten 2 Joer nees inverséiert. Während de rezenten Zouwues beim Bensin op mannst zum Deel op eng verstärkten Nofro vun Bensins-Motorisatiounen no dem Dieselskandal zréckzeféieren ass, spillt beim Diesel d'Präisdifferenz mat de Nopëschlänner eng Roll.

Wat déi progressiv Dekarboniséirung vum Stroossentransport ubelaangt, ass déi europäesch Gesetzgebung déi sech un d'Automobilindustrie riicht den entscheedende Facteur. Esou goufen rezent ambitiéis Reduktiounsobligatioune vun den CO_2 Emissiounen fir esouwuel Autoen wéi och Camionnetten a Camionen festgeluecht an de Paräisser Klimaaccord schreift och eng kloer Reduktiouns-Trajectoire vir. Zousätzlech dozou huet Lëtzebuerg sech, am Kader vu sengem integréierten Energie- a Klimaplang, zum Zil gesat datt 2030 bal d'Halschent vun allen ugemellten Autoen Elektro-oder Plug-in Hybridmotorisatiounen hunn. Eng zouverlässeg ëffentlech Luedeinfrastruktur, zesumme mat finanziellen a steierlechen Ureizer, wäerten hëllefen dëst Zil z'erreechen.

2) Am Moment gesäit et d'Regierung als net förderlech fir hei zu Lëtzebuerg een Datum festzeleeën ab wéini Neiween mat Verbrennungsmotor net méi géifen zougelooss ginn.

Zu Lëtzebuerg ass d'Prioritéit am Moment éischter fir op EU-Niveau Afloss op d'Zukunft vum Verbrennungsmotor ze huelen a national duerch positiv Ureizer, sief et déi nei Primmen oder déi ëffentlech Luedinfrastruktur "Chargy", méi ëmweltfrëndlech Autoen ze promovéieren.

Doriwwer eraus solle massiv d'Alternativen gefördert ginn, d.h. den ëffentlechen Transport, deen d'nächst Joer gratis gëtt, de Velo an zu Fouss goen. D'Zil kann net nëmme sinn den Individualverkéier ze decarboniséieren, mee et muss eng aner, eng multimodal Mobilitéit gefördert ginn.